## 5 MISE EN VALEUR DE LA PLACE CÉCILE BIEVER-WAGNER DANS LE QUARTIER LENKESCHLÉI

Initiateur : Lenkeschléi'er Frënn asbl
Service : Gestion et Maintien du Patrimoine
Où ? Quartier Lenkeschléi
Quand ? 2024
Montant estimé : 50 000 €

**Objectif :** Favoriser les liens sociaux et embellir cette place centrale du quartier Lenkeschléi, dont les rues et places ont été dédiées aux femmes méritantes de Dudelange.


**Description :** L'asbl Lenkeschléi'er Frënn et les habitants du quartier souhaitent installer sur cette place un terrain de pétanque ainsi que des bancs et des tables en bois pour y passer des moments conviviaux avec l'ensemble des habitants de Dudelange. Des arbres et des haies y seront également plantés pour y créer de l'ombre. Ce projet reflètera le fameux slogan de Dudelange « On dirait le sud ».

## 5 OPWÄERTUNG VUN DER PLAZ CÉCILE BIEVER-WAGNER AM QUARTIER LENKESCHLÉI

Initiateur: Lenkeschléi'er Frënn asbl
Service: Gestion et Maintien du Patrimoine
Wou? Quartier Lenkeschléi
Wéini? 2024
Geschate Budget: 50.000 €

**Objektiv:** Sozial Kontakter favoriséieren an dës zentral Plaz am Quartier Lenkeschléi, déi 6 bekannten Diddelenger Frae gewidmet ass, nach weider verschéineren.


**Beschreiwung:** D'ASBL Lenkeschléi'er Frënn, zesumme mat den Awunner aus dem Quartier, wëllen dës zentral Plaz mat engem Petanque-Terrain souwéi hëlzen Dëscher a Bänken equipéieren, fir hei flott gemeinsam Momenter mat all den Diddelenger*innen ze verbréngen. Des Weidere gi Beem an Hecke geplanzt, déi fir zousätzleche Schied suergen. Dëse Projet spigelt ganz kloer de Slogan vun der Stad Diddeleng "On dirait le sud" erëm.



**Pour de plus amples détails sur ces projets, leurs prochaines étapes ou encore l'ensemble des autres projets proposés dans le cadre du budget participatif,**

**consultez notre page internet**

**jeparticipe.dudelange.lu**




**Fir zousätzlech Detailer zu dëse Projeten, hir nächst Etappen, an iwwert all déi aner Projeten, déi agereecht goufen,**

**besicht eis Internetsäit**

**jeparticipe.dudelange.lu**

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

BP 73 L-3401 Dudelange /// T 516121-1
ville@dudelange.lu /// www.dudelange.lu
blog: www.ondiraitlesud.lu
/villededudelange /villedudelange

4/5/8/9/10/507/631/Champs-Vallée > Gemeng
60A > Dudelange-Centre
Vël'Ok > Place de l'Hôtel de Ville
www.mobiliteit.lu/www.velok.lu

# BUDGET PARTICIPATIF

## LES PROJETS SÉLECTIONNÉS / DÉI GEWIELTE PROJETEN




Les citoyennes et citoyens de Dudelange ont voté pour les projets qu'ils souhaitaient voir se réaliser dans les prochains mois, dans le cadre du 1er budget participatif qui comprenait une enveloppe totale de 100 000 €.
25 projets avaient été proposés par des habitant(es), des groupes et des associations de Dudelange. 6 d'entre eux ont été jugés recevables par le comité de suivi (selon le règlement du Budget Participatif) et soumis en novembre et décembre 2022 au vote du public sur la plateforme www.jeparticipe.dudelange.lu.
**Les citoyen(ne)s de Dudelange ont élu 5 de ces projets.**

Nous tenons à remercier tous ces citoyens engagés qui ont proposé un projet, y compris ceux dont le projet n'a pu être retenu pour différentes raisons. **Les 5 projets élus seront réalisés dans les prochains mois, dans le cadre d'une étroite collaboration entre les initiateurs des projets et les services communaux.**
Vous trouverez dans cette publication le descriptif de chacun d'entre eux, dans l'ordre du nombre de voix obtenues.

D'Diddelenger Biergerinnen a Bierger hunn driwwer ofgestëmmt, wéi eng Projeten wärend den nächste Méint am Kader vum éischte participative Budget fir insgesamt 100.000 € ëmgesat ginn.
Am Ganze ware 25 Projete vun Diddelenger Awunner*innen, Gruppen, Organisatiounen a Schüler vum Lycée Nic-Biever agereecht ginn. 6 goufe vum Comité de Suivi (nom Reglement vum participative Budget) als recevabel erklärt a stoungen tëscht November an Dezember 2022 op der Biergerplattform www.jeparticipe.dudelange.lu zum Votte.
**Diddelenger Bierger*innen hu 5 Projeten gewielt.**

Mir wëllen heimat all deenen engagéierte Biergerinnen a Bierger Merci soen, déi ee Projet agereecht haten, och wann dësen, aus ënnerschiddleche Grënn, net ka realiséiert ginn. **Iwwert déi nächst Méint ginn déi fënnef gewielte Projeten, an enker Zesummenaarbecht tëscht den Initiateuren dovun an eisen zoustännege Gemengeservicer, ëmgesat.**
An dëser Publikatioun stelle mir lech déi verschidde Projeten der Reiefolleg, sou wéi se gewielt goufen, vir.

*Le collège des bourgmestre et échevins / de Buergermeeschter- a Schäfferot,*
*Dan Biancalana, bourgmestre / Buergermeeschter,*
*Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins / Schäffen*


# BUDGET PARTICIPATIF

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

## 1 DUDELANGE, VILLE COMESTIBLE

Initiateur : Cédric Czaika
Service : Espaces Verts
Où ? Centre-ville
Quand ? Avril-mai 2023
Montant estimé : 15 000 €



**Objectif :** Rassembler les citoyens qui soutiennent activement la biodiversité et souhaitent partager leurs connaissances sur le jardinage.

**Description :** Deux potagers surélevés seront installés sur la place Am Duerf (à côté de la Poste et près de la sortie du parking) pour cultiver des fruits et des légumes. Les habitant(e)s de Dudelange pourront s'y servir gratuitement. Ils peuvent aussi participer à la plantation, en collaboration avec le collectif « Urban Gardening » et décider ensemble quels fruits, légumes ou herbes aromatiques y semer. Ce projet a pour but de promouvoir les principes du développement durable et les produits régionaux et de saison.

## 1 DIDDELENG - ENG STAD FIR Z'IESSEN

Initiateur: Cédric Czaika
Service: Espaces Verts
Wou? Stadzentrum
Wéini? Abréll/Mee 2023
Geschate Budget: 15.000 €



**Objektiv:** Bierger zesummebréngen, déi sech aktiv fir méi Biodiversitéit asetzen an hiert Wëssen iwwer Gaardenaarbecht wëllen deelen.

**Beschreiwung:** Op der Plaz Am Duerf (nieft der Post a bei der Sortie vum Parking) ginn zwee Hochbeeter opgeriicht, wou Uebst a Geméis ugebaut gëtt. D'Diddelenger Awunner*innen kënnen sech hei gratis zerwéieren. Si kënnen och selwer, zesumme mam Kollektiv "Urban Gardening", beim Ubau hëllefen a mat decidéieren, wéi eng Uebst- a Geméiszorten respektiv Kraider solle geplanzt ginn. Dëse Projet huet als But, de Prinzip vun der Nohaltegkeet souwéi regional a saisonal Produiten ze promovéieren.

## 2 DES NICHOIRS POUR LES MÉSANGES

Initiateur : Ornella David
Service : Espaces Verts
Où ? Parc Le'h
Quand ? Mars /avril 2023
Montant estimé : 2 000 €



**Objectif :** Agir de manière écologique contre les chenilles processionnaires du chêne.

**Description :** Installer 40 nichoirs à mésanges à divers endroits du parc Le'h, qui sont particulièrement touchés par les chenilles processionnaires du chêne. Il s'agit d'un moyen de lutte efficace contre ces chenilles. Le bois qui servira à la construction de ces nichoirs provient des forêts dudelangeoises. Les enfants de la maison relais Waldschoul se chargeront de les décorer.



## 2 VULLENHAISERCHER FIR MEESEN

Initiateur: Ornella David
Service: Espaces Verts
Wou? Parc Le'h
Wéini? Mäerz/Abréll 2023
Geschate Budget: 2.000 €



**Objektiv:** Op eng natierlech Manéier géint Eichenprozessionsspinner virgoen.

**Beschreiwung:** Op verschiddene Plazen am Park Le'h, déi besonnesch vun den Eichenprozessionsspinner betraff sinn, gi 40 Vullenhaiserchen fir Meesen opgehaangen. Et handelt sech ëm een effikasst Mëttel fir géint dës Zort vu Raup virzegoen. D'Holz aus dem d'Haiserchen gebaut ginn, staamt aus Diddelenger Bëscher. Verschéinert ginn se vun de Kanner aus der Maison Relais Waldschoul.

## 3 LE FRIGO SOLIDAIRE

Initiateur : Ania Sobkiewicz
Service : Jeunesse et Famille
Où ? Colabor / 14 rue de la Libération.
Quand ? Septembre 2023
Montant estimé : 8 000 €



**Objectif :** Lutter ensemble contre la pauvreté et le gaspillage alimentaire.

**Description :** Le frigo solidaire est en libre-service. Afin de garantir les mesures d'hygiène, il sera installé dans les locaux du futur magasin de fruits et légumes « Co-labor » et accessible au grand public pendant ses heures d'ouverture. Il pourra par exemple, être ravitaillé par les plats fraîchement cuisinés à destination des maisons relais et qui n'y auront pas été consommés.



## 3 DE SOLIDARESCHE FRIGO

Initiateur: Ania Sobkiewicz
Service: Jeunesse et Famille
Wou? Colabor / 14 rue de la Libération.
Wéini? September 2023
Geschate Budget: 8.000 €

**Objektiv:** Zesumme géint d'Aarmut an d'Verbëtze vu Liewensmëttel virgoen.

**Beschreiwung:** De solidaresche Frigo ass fir jiddereen accessibel. Fir dass d'Hygiènesmesure garantéiert ginn, kënnt de solidaresche Frigo an d'Geschäftsraim vum zukünftegen Uebst- a Geméisbuttek "Co-labor" stoen an ass wärend den Ouvertureszäiten zougänglech. Geplangt ass ë. a., dass z. B. Platen aus de Maisons Relaisen, déi ze vill gekacht goufen, all Dag frësch am solidaresche Frigo ugebuede ginn.

## 4 VIE ACTIVE À LA RÉSERVE NATURELLE HAARD-HESSELSBIERG-STAEBIERG

Initiateur : Bedainelair Flabosse
Service : Circulation
Où ? Réserve naturelle Haard
Quand ? Juin/juillet 2023
Montant estimé : 25 000 €

**Objectif :** Améliorer l'identification des chemins de la réserve naturelle Haard-Hesselsbierg-Staebierg.

**Description :** Des dizaines de kilomètres de sentiers pédestres sillonnent la réserve naturelle Haard. Ils s'étendent de Dudelange jusqu'à Kayl et Rumelange. Afin que les randonneurs, les cyclistes et les cavaliers puissent à l'avenir mieux s'orienter lors de leurs promenades dans la réserve naturelle, des poteaux en bois de différentes couleurs amélioreront la signalisation.





## 4 AKTIIVT LIEWEN AM NATURSCHUTZGEBITT HAARD-HESSELSBIERG-STAEBIERG

Initiateur: Bedainelair Flabosse
Service: Circulation
Wou? Naturschutzgebitt Haard
Wéini? Juni/Juli 2023
Geschate Budget: 25.000 €

**Objektiv:** D'Tréppelweeër am Naturschutzgebitt Haard-Hesselsbierg-Staebierg besser kennzeechnen.

**Beschreiwung:** Dosende vu kilometerlaange Wanderweeër zéien sech duerch dat schéint Naturschutzgebitt vun der Haard. Dës Weeër gi vun Diddeleng bis op Käl a Rëmeleng. Fir dass Wanderer, Vélosfuerer an och Reider an Zukunft ouni Orientéierungsproblemer hier Zäit op der Haard kënne genéissen, ginn d'Weeër mat Hëllef vun hëlze Pottoen, déi sech an ënnerschiddleche Faarwe presentéieren, nach besser gekennzeechent.